BICHERHAISCHEN

20 Joer am Déngscht vun de klenge Lieser

LU

Zënter bal 20 Joer ass d'Bicherhaischen aus dem Gemengeliewen zu Nidderaanwen net méi ewechzedenken. Wat 2006 als eng engagéiert Iddi ugefaangen huet, huet sech iwwer d'Joren zu enger fester Adress fir Kanner, Jugendlecher, Elteren a Schoulen aus dem ganze Land entwéckelt. Hannert dësem Succès steet d'Laurence Hilger-Weber, déi aus hirer Passioun fir Bicher hire Beruff gemaach huet an haut op zwee Joerzéngte voller Geschichten, Begéinungen a flotte Momenter zréckkucke kann.

Fir d'Laurence fänkt d'Magie vun engem gudde Kannerbuch scho beim éischte Bléck un. Illustratiounen, eng flott Opmaachung an e Cover, dee Loscht mécht ze bliederen, si fir si genee esou wichteg wéi de Contenu selwer. „Et muss een den Drang hunn, fir weider ze liesen. D'Buch muss een einfach a säi Bann zéien", erkläert si. Genee dat mécht hirer Meenung no e gutt Buch aus: eng Geschicht, déi een net méi aus der Hand leeë wëll.

Heiansdo entstinn déi bescht Iddien aus engem ganz konkreete Besoin. Esou war et och beim Bicherhaischen. No hire Studien a Spuenien an enger Ausbildung am Beräich Administratioun a Finanze stoung fir d'Laurence Hilger-Weber fest, datt si sech selbstständeg maache wollt. Wéi si am Familljen- a Bekanntekrees ëmmer nees héieren huet, datt et an der Géigend kaum eng spezialiséiert Librairie fir Kanner a Jugendlecher gouf, huet sech lues a lues eng Iddi forméiert. Eng Librairie, déi sech ganz op déi jonk Lieser konzentréiert. Wéi d'Geschäft am Dezember 2006 seng Dieren opgemaach huet, war d'Resonanz direkt positiv. D'Gemeng, hir Awunner an déi éischt Clienten hunn de Projet mat vill Begeeschterung opgeholl.

Och wann d'Quantitéit u Bicher iwwer d'Joren ongefeier d'selwecht bliwwen ass, huet sech d'Offer staark verännert. Besonnesch d'Nofro no lëtzebuergesche Bicher ass däitlech gewuess. A virun Allem och Wierker op Lëtzebuergesch hunn an de leschte Joren ëmmer méi u Bedeitung gewonnen. Vill Eltere schätzen et, hire Kanner owes kënnen eng Geschicht virzeliesen, ouni dobäi iwwersetzen ze mussen.

Mat de Joren ass d'Bicherhaischen ëmmer weider gewuess. Nieft de Bicher huet 2010 mat der Annex „Spillgezei" eng zweet Welt hir Dieren opgemaach. D'Iddi ass aus de Wënsch vun de Clienten eraus entstanen, déi nieft spannende Geschichten och ëmmer nees op der Sich no flotte Spillsaache waren. Gläichzäiteg

gouf de Buttek mat der Zäit och einfach ze kleng. Den Ubau huet dofir net nëmmen d'Offer erweidert, mee och méi Plaz fir Stockage a Logistik geschaf.

Mat der „Editioun Bicherhaischen®" ass 2016 e weideren Häerzensprojet dobäikomm. D'Iddi ass bei engem Gespréich mat hirer Schwéiermamm an där hirer beschter Frëndin entstanen, déi schonn an den 1970er Joren zesumme Kannerlidder geschriwwen an opgeholl haten. Aus dësem kreative Patrimoine ass dat éischt Buch vum Laurence sengem eegene Verlag entstanen. E Band mat ausgewielte Lidder fir Kanner, opgeholl mat zwee Kannerchéier, an illustréiert vun enger Frëndin aus der Studienzäit. D'Resonanz war esou grouss, dass ganz séier eng zweet Oplo néideg war. Eng Erfarung, déi dem Laurence nach haut mat vill Freed a gudder Erënnerung am Kapp bliwwen ass. An och wann et an de leschte Jore méi roueg ëm de Verlag ginn ass, ginn déi verëffentlecht Bicher nach ëmmer gutt verkaf.

Hannert de Kulisse bedeit e Bicherbuttek vill méi Aarbecht, wéi vill Leit sech virstellen. Inventairen, Bestellungen, Themendëscher, saisonal Aktiounen an d'Preparatioun vun neie Verëffentlechungen huelen all Dag vill Zäit an Usproch. Mat engem Laache seet d'Laurence: „D'Leit mengen heiansdo, ech géif hei hannert der Kees sëtzen an de ganzen Dag liesen, mee dat ass net esou."

Besonnesch vill Wäert gëtt am Bicherhaischen op perséinlech Berodung geluecht. D'Laurence an hir Mataarbechterin huele sech Zäit, fir dat passend Buch fir all Kand ze fannen. Dobäi hëlleft net nëmmen déi laang Erfarung, mee och déi enk Relatioun zu de Clienten. Vill Famillje komme säit Joren an de Buttek, an et ass keng Seelenheet, datt fréier jonk Clienten haut mat hiren eegene Kanner erëmkommen.

Dës perséinlech Bezéiunge maachen och d'Verankerung vum Bicherhaischen an der Gemeng aus. Als gebierteg Nidderaanwenerin huet sech fir d'Laurence d'Fro ni gestallt, hire Buttek soss anzwousch opzemaachen. Iwwer d'Joren huet si Liesungen organiséiert, Auteuren op Lëtzebuerg bruecht an enk mat Schoulen an dem Kulturhaus zesummegeschafft. E besonneschen Highlight war de Besuch vum däitsche Kannerbicher-Auteur Ingo Siegner, dee bei senger Liesung vill Kannerhäerzer méi héich schloe gelooss huet.

Groussgeschriwwe gëtt och d'Förderung vun der lëtzebuergescher Literatur. Fir d'Laurence ass et immens wichteg, datt Kanner Geschichten an hirer Mammesprooch entdecke kënnen. Dofir fënnt een am Bicherhaischen net nëmme vill lëtzebuergesch Originalwierker, mee och ëmmer méi héichwäerteg Iwwersetzungen.

Den 20. Anniversaire bedeit hir dofir besonnesch vill. Wéi si de Projet ugefaangen huet, konnt kee wëssen, ob en esou laang géif bestoen. Trotz enger ëmmer méi digitaler Welt ass si iwwerzeegt, datt Bicher hir fest Plaz behalen. Besonnesch bei Kanner bleift ëmmer nach d'Freed um richtege Buch, dat een upaken, duerchbliederen an entdecke kann.

Fir d'Zukunft huet d'Laurence virun allem ee Wonsch: datt alles esou weidergeet wéi bis elo. Mat treie Clienten, villen interessante Geschichten a weidere Generatioune vu Lieser. Fir si ass de Succès vum Bicherhaischen nämlech virun allem de Verdéngscht vun de Mënschen, déi de Buttek säit zwanzeg Joer ënnerstëtzen. Oder wéi si et selwer ausdréckt: „De Succès vum Bicherhaischen läit u senge Clienten." Eng schéin Ausso, déi perfekt zesummefaasst, wat d'Bicherhaischen haut ass: vill méi ewéi just eng Librairie. Eng Plaz voll mat Geschichten, Begeeschterung a mënschleche Begéinungen.